



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg



Lëtzebuerg, den 23/01/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Landwirtschaft, Emwelt, Klima a nohalteg Entwécklung & Konsumenteschutz weiderzeleeden.

A menger parlamentarescher Fro n° 1403 hat ech déi zoustänneg Ministeren no Informatiounen iwwert geschossent Wëld-Fleesch gefrot. Aus der Äntwert op meng Froen erginn sech mir nei Froen.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Op meng Fro, wéi laang een Déier nom Ofschoss ongekillt däerf leie bliwen, äntwert d'Regierung:

"Des Legislatioun gesäit awer keng fixe Delaie fir, wéini dass geschossent Wëld muss gekillt ginn."

1. Ass et deemno méiglech, dass och ongekilltend Wëld-Fleesch an de Verkaf kënnt?
2. Ass d'Killkette bei Juegdfleesch genau esou sécher, wéi um Bauerenhaff geziichtent Fleesch?

2. Op meng zweet Fro äntwert d'Regierung:

"All d'Karkassen, déi an déi sougenannten "ateliers de traitement de gibier" vun de Jeeër geliwwert ginn, gi vun den Inspektore vun der Veterinärsinspektioun kontrolléiert, ier se als genusstauglich gestempelt ginn an dann an de Commerce kommen. Bei de Wëllschwäi ginn och nach Prouwe geholl, fir d'Analysen op Trichinen ze maachen."

Opgeschlësselt pro Joer, wéi vill Analyse goufen an de leschten 3 Joer hei gemaach?

3. Op meng Fro iwwert d'Belaaschtung duerch Bläi, Dioxinen asw. äntwerten d'Ministeren

"Wat d'Réckstann vu chemesche Substanze betrëfft, ginn all Joer eng Rei vun Analysen am Kader vun engem Kontrollplang, dee vun enger europäescher Direktive virgeschriwwen ass, gemaach. D'Zuel vun den Analysen an d'Substanzen, déi ënnersicht ginn, kann een am Rapport





Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

annuell vun der Veterinärsinspektioun noliesen."

Wéi vill Prozent vum Wëld-Fleesch, dat an de Verkauf kënn, gëtt dësen Analysen
ënnerzunn?

4. Wéi d'Ministere schreiwen, kann een d'Zuel vun den Analysen an d'Substanzen, déi
ënnersicht ginn, am järeche Rapport vun der Veterinärsinspektioun noliesen. De
leschte Rapport, deen een um Site vun der Regierung fënnt, ass aus dem Joer
2016. Existéiere Rapporten aus de leschten 3 Joren a falls jo, wou kann een dës
fannen?
5. Am Rapport vun 2016 goufen 100 vun 100 Wëld-Analysen positiv op B3c (Métaux
Lourds) getest.
 - Ëm wéi eng en Schwéiermetaller handelt et sech genau?
 - Ab wéi engem Schwellwäert ass de Konsum vu B3c bedenklech fir
d'Gesondheet vum Mënsch a wat de reellen Taux bei den Analysen?
 - Ab wéi enge Konzentratioune schwätzt ee vun enger signifikanter
Belaaschtung bei de jeeweilege Réckstänn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député



www.piraten.lu



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et du
Développement rural

Dossier suivi par : M. André LOOS
Tél : 247-82530



Réf.: 37/2020

Monsieur Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le
Parlement

Service Central de Législation

LUXEMBOURG

Luxembourg, le 12.02.20

Objet: Question parlementaire n° 1761 de l'honorable Député Monsieur Marc Goergen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, ma réponse à la question parlementaire citée sous rubrique.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Le Ministre de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural,


Romain SCHNEIDER



Réponse du Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural à la question parlementaire n°1761 de l'honorable Député Monsieur Marc Goergen

1. Op meng Fro, wéi laang een Déier nom Ofschoss ongekillt däerf leie bleiwen, äntwert d'Regierung:

“Des Legislatioun gesäit awer keng fixe Delaie fir, wéini dass geschossent Wëld muss gekillt ginn”

1. Ass et deemno méiglech, dass och ongekilltend Wëld-Fleesch an de Verkaf kënn?
D'Wëld gëtt am Atelier de Traitement vun engem Vétérinaire kontrolléiert, a wann do de Verdacht besteet, dass d'Karkasse net séier genuch gekillt ginn ass, gëtt d'Karkasse zerstéiert. Den Atelier de Traitement ass ënner Vétérinairesopsicht, an do gëtt d'Killkette respektéiert. Déi Betriber, an déi d'Wëld nom Atelier de Traitement geet, gi reegelméisseg kontrolléiert, an d'Killkette fir d'Wëld gëtt grad esou gutt respektéiert wéi fir all déi aner Produkter, déi musse gekillt ginn.

2. Ass d'Killkette bei Juegdfleisch genau esou sécher, wéi um Bauerenhaff geziichtent Fleisch?

D'Wëldfleisch gëtt genau d'selwecht behandelt a kontrolléiert wéi dat geziichtent Fleisch, mat där eenzeger Ausnam, dass beim Juegdfleisch déi Etappe vum Doutmaache bis an den Atelier de Traitement ënner der Responsabilitéit vum geschoulte Jeeër leit, während beim geziichte Fleisch de Vétérinaire beim ganze Prozess bis an de Frigo dobäi ass.

2. Op meng zweet Fro äntwert d'Regierung:

“All d'Karkassen, déi an déi sougenannten “ateliers de traitement de gibier” vun de Jeeër geliwwert ginn, gi vun den Inspektore vun der Veterinärsinspektioun kontrolléiert, ier se als genusstauglich gestempelt ginn an dann an de Commerce kommen. Bei de Wëllschwäi ginn och nach Prouwe geholl, fir d'Analysen op Trichinen ze maachen.”

Opgeschlësselt pro Joer, wéi vill Analyse goufen an de leschten 3 Joer hei gemaach?

All Wëllschwäi muss op Trichinen ënnersicht ginn, ier et an de Commerce geet. Pro Joer ginn esou tëschent 4.000 a 4.500 Prouwen op Trichinen ënnersicht.

3. Op meng Fro iwwert d'Belaaschtung duerch Bläi, Dioxinen asw. äntwerten d'Ministeren

“Wat d'Réckstänn vu chemesche Substanze betrëfft, ginn all Joer eng Rei vun Analysen am Kader vun engem Kontrollplang, dee vun enger europäescher Direktive virgeschriwwen ass, gemaach. D'Zuel vun den Analysen an d'Substanzen, déi ënnersicht ginn, kann een am Rapport annuell vun der Veterinärsinspektioun noliesen”

Wéi vill Prozent vum Wëld-Fleesch, dat an de Verkaf kënnt, gëtt dësen Analysen ënnerzunn?

Déi Analysen sinn virgeschriwwen an engem europäeschen Kontrollplang, deen keng Prozentsätz vir gesäit, mee deen eis virschreift, dass 100 Analysen mussen gemaach ginn, wat och dann de Fall ass.

4. Wéi d'Ministere schreiwen, kann een d'Zuel vun den Analysen an d'Substanzen, déi ënnersicht ginn, am järeleche Rapport vun der Veterinärsinspektioun noliesen. De leschte Rapport, deen een um Site vun der Regierung fënnt, ass aus dem Joer 2016. Existéiere Rapporten aus de leschten 3 Joer a falls jo, wou kann een dës fannen?

Déi Rapporten stinn um Portail Agriculture ënner folgendem Fichier "Veröffentlichungen" "Tätigkeitsberichte". Den leschten publizierten Bericht ass deen vun 2018, deen vun 2019 ass de Moment an der Ausaarbechtung.

5. Am Rapport vun 2016 goufen 100 vun 100 Wëld-Analysen positiv op B3c (Métaux Lourds) getest.

Déi 100 positiv Analysen ass e Mëssverständnis, an deene Rapporten virdu stoung ëmmer de Saz, dat all Analys konform wier, hei steet, eng wier net konform, an do wier et sous-entendu, dass all déi aner konform wieren.

- **Ëm wéi eng en Schwéiermetaller handelt et sech genau?**
- **Ab wéi engem Schwellwäert ass de Konsum vu B3c bedenklech fir d'Gesondheet vum Mënsch a wat de reellen Taux bei den Analysen?**
- **Ab wéi enge Konzentratioune schwätzt ee vun enger signifikanter Belaaschtung bei de jeeweilege Réckstänn?**

Schwéiermetaller, déi gesicht ginn, sinn ëmmer: Bläi, Kadmium, a fir 2016, 2017 an 2018 nach Arsène, Chrom, Koffer, Quecksëlwer, Néckel, Zënn, Zénk, Mangan, Kobalt, Selen, Eisen, Aluminium, Uran, Titan, Thallium, Molybdène, Antimon.

D'Limite stinn am Reglement 1881/2006 vun der Commissioun. Déi eenzeg Schwéiermetaller, wou Limiten am Fleesch fest geluecht sinn, si Bläi a Kadmium. Et muss een awer dozou soen, dass déi Limite just fir d'Fleesch oder d'Liewer vu geziichte Béischte fest geluecht gi sinn. Fir d'Wëld sinn nach keng Limite fest geluecht ginn, warscheinlech well et net derwäert ass, well am Verglach zu dem anere Fleesch net vill Wëld giess gëtt. Déi Valeuren, déi mir an der Liewer vum Wëld fannen, leien awer ëmmer ënnert deenen, déi fir déi aner Béischten akzeptiert ginn.
